

kuertz & knapp.

WANTERMOUNT №1·18

P.6 INAUGURATION Wattway, Aweigung vun der 1.Solarstrooss zu Lëtzebuerg · P.15 CYCLO-CROSS
Eng Skulptur an Undenken un d'Weltmeeschterschaft Bieles 2017 · P.20 AGENDA Nov. – Dez. 2018
P.31 INFORMATIOUNSBLAT Procès-verbal a Gemengerotsberichter: 13. Juli, 20. Juli, 14. September 18
MAGAZIN, AGENDA & INFORMATIOUNSBLAT VUN DER GEMENG SUESSEM



Magazin

- P.6 Wattway – Solarstrooss
- P.9 Pimp my Bushaischen
- P.11 Expo Photo Coursen
- P.12 De Schäfferot op Besuch
- P.14 Skulptur 'Bieles 2017'
- P.16 Neie Logo a Websäit
- P.19 Rikscha, Endlech 18, 1. Hëllef



Agenda

November | *novembre*

P.20 – P.25

Dezember | *décembre*

P.25 – P.29



Informationsblatt

Sitzung 13.07.18

P.31 – P.39

Sitzung 20.07.18

P.39 – P.48

Sitzung 16.09.18

P.48 – P.50



GEMENG SUESSEM

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux T (+352) 59 30 75 - 1
mail@suessem.lu www.suessem.lu fb/communedesanem

IMPRESSUM

Redaktioun & Konzeptioun

Service des Relations Publiques et de la Culture

Foto Cover Aaron Burdon

Stéckzuel 8.000 Exemplairen

Bieles, Oktober 2018



© Service RPC

VIRWUERT ÉDITORIAL

Léif Matbiergerinnen a Matbierger,

Et ass mir eng ganz grouss Freed déi éischt Zeilen an eisem neie Gemenge-Magazin *kuerz&knapp*. un iech ze riichten. An dësem Magazin, dee vun elo un all zwee Méint an ärer Boîte läit, fannt dir alles Wëssens- a Liesenswäertes ronderëm d'Gemeng Suessem. Sief dat déi leschten Neiegkeeten an Andréck aus dem Gemengeliewen, ee voll gepaakten Agenda oder och déi rezent ausféierlech Berichter vum Gemengerot. Am *kuerz&knapp*. hutt dir alles op ee Bléck a Grëff beieneen a sidd beschdens informéiert. ¶ Fir dës éischt Editioun sinn ech besonnesch frou, dass mir iech mam Pilot Site vun der Solarstrooss "Wattway" souwéi der Aweigung vun der Cyclo-Cross Skulptur zwee Projete virstellen, déi exemplaresch fir den innovativen a soziale Geescht vun eiser Gemeng stinn. ¶ Mir bleift zum Schluss näischt anescht iwwereg wéi iech vill Spaass beim Entdecke vum *kuerz&knapp*. mat op de Wee ze ginn, an och wann et nach e bësse fréi ass, sou erlaabt mir w.e.g. elo schonns, iech schéi Feierdeeg an ee gudde Joreswiessel ze wënschen.

Chères concitoyennes, chers concitoyens

C'est avec grand plaisir que je vous invite à découvrir notre flambant neuf magazine communal *kuerz&knapp*. Dans ce périodique, que vous retrouverez désormais tous les deux mois dans votre boîte à lettres, nous avons essayé de regrouper tout ce qui est d'intérêt public : les actualités et projets communaux, un agenda bien rempli ainsi que les rapports détaillés des dernières séances du conseil communal. Avec le *kuerz&knapp*. vous avez l'essentiel d'un seul coup d'œil. ¶ Pour cette première édition, je suis particulièrement content que vous puissiez découvrir entre autres le projet de la première route solaire au Grand-Duché à Belvaux ainsi que la nouvelle sculpture au Park Belval en mémoire des championnats du monde de Cyclo-Cross. ¶ Chères concitoyennes, chers concitoyens, même s'il paraît encore un peu tôt, permettez-moi de vous souhaiter d'ores et déjà de bonnes fêtes de fin d'année.

Winter is coming.

Gutt ze wëssen

Bei extreme Wiederkonditiounen braucht Dir Ären Trottoir nëmmen eng Schnéischëppbreet fräizeschëppen. Passt w.e.g. op, dass de Schnéi net am ëffentlechen Raum, z.B. op Parkplazen oder op der Strooss verdeelt gëtt.

Bon à savoir

En cas de mauvaises conditions météorologiques, il suffit de dégager votre trottoir d'une largeur d'une pelle à neige. Prière de ne pas répandre la neige sur le domaine public, par exemple sur des places de stationnement ou sur la route.





120t

Volume vum Streesalzsilu

Capacité du silo à sel

SERVICE TECHNIQUE, BIELES

WATTWAY

AWEIUNG • INAUGURATION



KÄSCHTEN • COÛT

76.000 €

AUSMOOSSEN • DIMENSIONS

30m²

3500 kWh Stroum pro Joer

20m² Solarstrooss fir d'Luuchte
vun enger Kräizung ze speisen
1km Solarstrooss fir eng Stad
(5.000 Awunner) ze belichten

Éischt Solarstrooss zu Lëtzebuerg

Mëttwochs, den 12. September 2018, gouf um Parking nieft der Gemeng zu Bieleles déi éischt Solarstrooss zu Lëtzebuerg mam Numm "Wattway" ageweid.

"Et ass eng Première hei am Grand-Duché", huet de Georges Engel houerreg erkläert, "an ee weidert Element an der konsequent-er grénge Politik vun eiser Gemeng". Zesumme mam Vizepremier a Wirtschaftsminister Etienne Schneider a mam Direkter vu Sudgaz Alain Fürpass, huet de Suessemmer Buergermeeschter d'Solarstrooss hirer Bestëmmung iwwerginn.

D'Solarstrooss huet eng Gréisst vu ronn 30 m² an huet knapp 76.000€ kascht. D'Käschte goufe gläichméisseg tëscht der Gemeng Suessem a Sudgaz gedeelt.

"Et ass symbolesch, huet den Etienne Schneider zouginn, mee mir mussen Innovatiounen zu Gonschte vun erneierbaren Energie fërderen."

"D'Energie déi aus der Solarstrooss gewonne gëtt - ronn 3500 Kilowatt Stonne Stroum pro Joer - kann ouni Weideres fir Elektroautoen, Luuchten oder Haiser genotzt gi", sou de Georges Engel weider, "fir de Moment nëtze mir de Rendement vun der Solarstrooss

exklusiv fir d'Servere vun eise Service Informatique ze fidderen." A priori dierft d'Gemeng Suessem ee Pionéier bleiwe, wat dës Zort vu Solarstroossen ugeet. Bis elo huet keng aner Gemeng aus dem Land Interessi gewise fir och op de Wee vun dëser Innovatioun ze goen.

Première route solaire au Luxembourg

Le premier site pilote au Grand-Duché de route solaire « Wattway » a été inauguré mercredi, le 12 septembre 2018, sur le parking de la mairie à Belvaux. « C'est une première au Grand-Duché », a lancé le bourgmestre Georges Engel en compagnie du vice-Premier ministre et ministre de l'Économie, Étienne Schneider, et du directeur de Sudgaz, Alain Fürpass. Coûtant quelques 76.000€ et cofinancée à parts égales par la Commune de Sanem et Sudgaz, la route solaire Wattway fait quelque 30m². « C'est symbolique, admet Étienne Schneider, mais il faut favoriser les innovations en faveur des énergies renouvelables ». Jusqu'à présent, la production d'énergie solaire - quelques 3500kWh - fournit en électricité les serveurs de l'administration communale.




1 – De Panneau mat de Live-Date steet um Parking tëscht der Gemeng an der Post zu Bieleles

2 – Den Etienne Schneider, Alain Fürpass a Georges Engel bei der Aweigung

3 – Geneeën Opbau vun der Solarstrooss

4 – Offiziell Aweigung vum Panneau nieft der Gemeng



© Fotoen: Service RPC

SÄIT DER AWEIUNG • DEPUIS L'INAUGURATION

352 kWh Gesamtproduktioun
Production cumulée

= 2394 km

Distanz mat engem Elektroauto
Distance parcourue en véhicule électrique



AWEIUNG · INAUGURATION

Nei Gemengeplaz



Deem een oder anere vun iech ass et sécherlech schonns opgefall. D'Plaz virun der Gemeng zu Bieles huet iwwert de Summer dach e bëssen en anert Kleed krut. Deen ale Buer, deem net méi funktionnéiert huet, gouf ganz am Holz agekleet a bitt elo eng gemittlech Plaz fir ee kleng Re-pos an der Sonn. Wann nächst Fréijoer sech dann nach e puer Kloterplanze ronderëm déi nei ugestrache Béi schléngen, ass dee kleng gréngen Eck perfekt.



Nouvelle aire de repos – Au courant de l'été 2018 la place devant la mairie de Belvaux a été réaménagée complètement. L'ancienne fontaine, qui ne fonctionnait plus, a été recouverte en bois et se propose dorénavant comme coin de séjour pour profiter d'un petit repos au soleil. Des plantations à installer par le service jardinage de la Commune de Sanem compléteront le site à partir du printemps 2019.

Pimp My BUSHAISCHEN!

D'Gewënner vum Concours • Les gagnants du concours



Am Kader vun der europä-
escher Mobilitéitswoch
vum 16. – 22. September
2018 hat d'Gemeng Suessem schonns fir déi
drëtte Kéier elo de Concours "Pimp my Bus-
haischen" ausgeschriwwen. Deem Opruff
waren direkt 5 Maisons Relais an Crèches
nokomm an hunn et sech net huele gelooss
hirer Kreativitéit beim Dekoréieren vun de
Bushaisercher fräie Laf ze loossen. No engem
ganz populäre Vote via Facebook (1500 Par-
ticipanten) an dem Uerteel vun enger onof-
hängeger Jury, duerfte sech d'Kanner aus der
"Zolwer Kannerbuerg" iwwert den éischte Präis
an direkt 500,-€ freeën. D'Éiereplaz goufen
natierlech och mat 250,-€ belount.

D'Gewënnerbushaischen • L'abribus gagnant



Dans le cadre de
la semaine
européenne de
la mobilité du 16 au 22 septembre 2018, la
Commune de Sanem avait de nouveau lancé
le concours « Pimp my Bushaischen ». Pas
moins de cinq maisons relais et crèches ont
répondu à cet appel et ont décoré cinq arrêts
de bus à travers la commune. A l'issue d'un
vote populaire par Facebook (1500 votants) et
d'une expertise d'un jury neutre, les enfants
de la « Zolwer Kannerbuerg » ont été déclarés
vainqueurs et ont pu se réjouir d'un chèque
doté de 500.-€.

Nationale Commemoratiounsdag

D'Gemeng Suessem erënnert sech

Sonndes, de 7. Oktober 2018, huet och d'Gemeng Suessem den Affer vum Nazi-Regime um Nationale Commemoratiounsdag geduecht. Beim Mémorial zu Bieles huet de Buergermeeschter Georges Engel a senger Usprooch virdu ge-warnt, dës däischer Zäit an der Lëtzebuerger Geschicht ze vergiessen. Virun allem déi nächst Generatioune misste weiderhin opgekläert ginn, fir dass sech sou Entwécklungen net widerhuele kéinten. An deem Kader huet et wonnerbar gepasst, dass ee Grupp Schoulkanner aus der Schoul Bieles-Post dëser Gedenkzeremonie mat hire virgedroenen Texter ee wierdege Kader ginn hunn.

Journée de la Commémoration nationale

La Journée de Commémoration nationale rend hommage à la solidarité et au courage du peuple luxembourgeois durant l'occupation de 1940 à 1945. À cette occasion, la Commune de Sanem avait invité à une cérémonie commémorative au monument aux morts à Belvaux dimanche le 7 octobre 2018. Lors de son discours, le bourgmestre Georges Engel a rappelé l'importance historique de cette triste période, sans oublier l'importance d'éduquer les futures générations. La cérémonie a été encadrée par la lecture scénique de textes sélectionnés par des élèves de l'école "Bieles-Post".

Schoulkanner aus der Schoul Bieles-Post
hunn ausgewielten Texter virgedroen



© Service RPC



PHOTO COURSEN



VERNISSAGE

Den 20. September 2018 haten d'Gemeng Suessem an d'Kulturkommissioun an den Éilerenger Kulturschapp invitéiert. Offiziellen Ulass war de Vernissage vun de Photo Coursen, déi all Joer vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mam Suessemer Photo Club organiséiert ginn. Och bei dëser Editioun war d'Panoplie erëm äusserst breet gefächert an d'Wierker vun deenen neien (an net méi ganz sou neie) Fotografen konnte sech méi wéi weise loossen.

COURS DE PHOTOS – Le 20 septembre 2018, le Collège échevinal et la commission de la culture de la Commune de Sanem avaient invité au vernissage des œuvres des participants aux cours de photos. L'exposition qui présentait plus de cinquante photographies, se tenait au Kulturschapp à Ehlerange et a été réalisée en collaboration avec le photo club communal.



© Roland Wauters

- 1 – Danielle Dietz
- 2 – Jos Boggiani
- 3 – Paul Horper
- 4 – De Vernissage war wéi gewinnt gutt besicht

DE SCHÄFFEROT OP BESUCH.

LE COLLÈGE ÉCHEVINAL EN VISITE

50

Den Här an d'Madame

**Marino a Marie-Anne
Alessandrini-Heck**



50

Den Här an d'Madame

**Nicolas a Félicie
Flick-Emeringer**



60

Den Här an d'Madame

**Vittorio an Giuseppa
Stefanetti-Albini**



60

Den Här an d'Madame

**Gaetano an Noémie
Tornambé-Engel**







Vos idées pour votre aire de jeux!
ÄR IDDI FIR ÄR SPILLPLAZ!

WORKSHOP.

Cité Tornaco & Aulnes



Cité
Aulnes



Cité
Tornaco



De Schäfferot am Gespréich mat de Suessemer Bierger © Service RPC

LU De 27. September 2018 hat de Schäfferot vun der Gemeng Suessem op ee Workshop an d'Hall Polyvalent zu Suessem invitéiert. D'Iddi war et fir zesumme mat den Awunner ze diskutéiere, wéi d'Spillplazen an der "Cité Tornaco" an an der "Cité des Aulnes" genotzt ginn a wéi se sech an Zukunft entwéckele sollten. Obwuel leider just eng kleng Unzuel u Bierger dësem Opruff nokomm war, waren d'Gespréicher ganz produktiv a wäerte sécher an d'Iwwerleeunge vum Schäfferot a vum Service Technique mat afléissen. Mir halen lech op all eise Kanäl um Lafenden, wéi et mat dësem Projet viru geet.

FR Le 27 septembre 2018, le Collège échevinal de la Commune de Sanem avait invité à un atelier concernant les aires de jeux dans la « Cité Tornaco » et la « Cité des Aulnes » à Sanem. L'objectif de cette réunion était de discuter ensemble avec les habitants comment ces aires de jeux se présentent actuellement et comment elles pourraient se développer dans les années à venir. Même si l'affluence était chiffrable, les discussions et propositions ont été très fructueuses et seront sûrement reprises par le Collège échevinal et le Service Technique.



Skulptur 'Bieles 2017'

Aweigung vum Konschtwierk vum Yvette Gastauer-Claire

Bal zwee Joer sinn et elo schonns hir, dass d'Gemeng Suessem sech mat der Organisatioun vun den UCI Cyclo-Cross Weltmeeschterschafte Bieles 2017 national a virun allem och international op d'Landkaart gesat huet. Iwwer 30.000 Spectateuren, 500 Benevoller, exzellente Vëlossport an eng super Atmosphär hunn déi zwee Deeg am Januar 2017 zu deem gemaach wat se waren: ee wonnerbare Spektakel, ee Volleksfest an eng gutt Reklamm fir eis Gemeng.

Fir dësem Evenement net nëmmen an der Erënnerung, mee och physisch dee Raum ze ginn, deen him zousteet, gouf Méindes, den 08. Oktober 2018, am Park Belval eng Skulptur an Uendenken un d'Cyclo-Cross Weltmeeschterschaft Bieles 2017 ageweit.

Bei der Kreatioun vun hirem Konschtwierk huet déi renomméiert Sculptrice Yvette Gastauer-Claire sech un der Gewënnerpose vum Weltmeeschter Wout van Aert inspiréiert. Um stolene Sockel sinn net nëmmen déi verschidde Championne vu Bieles 2017 aggraviert, mee och all d'Plazen opgeléicht, wou zu Lëtzebuerg schonns eemol an der Vergaangenheet Cyclo-Cross Weltmeeschterschafte statt fonnt hunn. An deem selwechte Kader huet och d'Suzie Godart, 9x Lëtzebuerger Championne am Cyclo-Cross, hire Vëlo, mat deem si un der WM deel geholl huet, un de Lycée Bel-Val iwwerreicht.



2




3

INAUGURATION SCULPTURE – Lundi, le 08 octobre 2018, la Commune de Sanem a dévoilé au Park Belval une sculpture en mémoire des UCI Championnats du monde de Cyclo-Cross Bieles 2017. La sculptrice luxembourgeoise Madame Yvette Gastauer-Claire s'est inspirée pour son œuvre d'art de la pose de victoire du champion du monde Wout van Aert. A la même occasion, Madame Suzie Godart, grande dame du Cyclo-Cross luxembourgeois et participante aux championnats du monde à Belvaux en 2017, a offert son vélo de course au Lycée Bel-Val.

1 – D'Skulptur erënnert un d'Gewënnerpose vum Weltmeeschter Wout van Aert

2 – De Vëlo vum Suzie Godart hängk elo am Préau vum Lycée Bel-Val

3 – Déi offiziell Aweigung war Méindes, den 08. Oktober 2018



NEIE LOGO & HOMEPAGE VUN DER GEMENG SUESSEM

De 24. September 2018 gouf deen neie Logo vun der Gemeng Suessem virgestallt.

An Zesummenaarbecht mat der Agence **Vidale & Gloesener** goufen Elementer aus dem ale Logo op eng modern Aart a Weis matenee verknäppt. D'Iddi hannert dem neie Visuell war et der Gemeng Suessem een zäitgeméisste Logo ze ginn, deen net nëmmen d'Schlass a moderner Form erëm hëlt, mee och déi véier Uertschafte méi an Zeen setzt.

Donieft gouf och dee selwechten Dag den neien Internetsite vun der Gemeng presentéiert. Zesumme mat der Firma **Lightbulb** ass eng nei Plattform entstanen, déi eenzeg an eleng am Dénsgscht vun eise Bierger stoe soll. Dobäi louchen eis virun allem eng iwwersichtlech Presentatioun, een uspriechenden Design an eng einfach Recherche-Zentral (Annuaire et démarches), wou Dir sämtlech Telefonsnummere, Dokumenter a Formulaire fanne kënnt, um Häerz. Mir wënschen Iech vill Spaass beim Entdecke vum neie Site.

NOUVEAU LOGO ET SITE INTERNET

Le lundi matin, 24 septembre 2018, le Collège échevinal de la Commune de Sanem a présenté la nouvelle charte graphique au grand public. Le nouveau visuel a été conçu par l'agence Vidale & Gloesener et a comme but d'unifier non seulement les quatre localités de la commune au tour d'un seul logo, mais reprend également le château de Sanem comme facteur d'identification.

Dans un même temps les acteurs politiques ont annoncé que le nouveau site internet de la Commune de Sanem est également désormais accessible. En étroite collaboration avec la société Lightbulb, un site internet moderne, dégagé, vivant et muni d'une fonction de recherche efficace (Annuaire et démarches) a été mis en place. Nous vous souhaitons une bonne lecture et beaucoup de plaisir sur notre nouveau site.



Aktuell Virstellungen
» Agenda P.20

An der Lescht am Artikuss

» Alte Bekannte

» Manhattan Transfer

» Sinatra & Friends

ARTIKUSS



ARTIKUSS.LU

CIPA

'Résidence op der Waassertrap'

Rikscha

Eng Rikscha fir de CIPA

De CIPA 'Résidence op der Waassertrap' geet a Saache Mobilitéit fir Seniore weiderhin innovativ an onkonventionell Weeër. An dësem Zesummenhang gouf den Awunner an dem Public Samschdes, den 29. September 2018, eng elektresch Rikscha virgestallt. Mat dësem Gefier, dat seng Urspréng am asiatesche Raum huet, wäert et deene Senioren aus dem CIPA REWA, déi net méi sou gutt zu Fouss sinn, awer méiglech sinn aus hire gewinnste véier Maueren auszebriechen, Spadséieren ze fueren an d'Natur an d'Ëmgéigend ze genéissen.

Un cyclo-pousse pour le CIPA

Le CIPA « Résidence op der Waassertrap » continue à sortir des sentiers battus en ce qui concerne la mobilité des seniors. Dans ce contexte, les dirigeants du CIPA REWA et le Collège échevinal de la Commune de Sanem ont présenté le 29 septembre 2018 un cyclo-pousse électrique aux résidents de la maison de retraite ainsi qu'au grand public. Ce véhicule, qui tient ses origines sur le continent asiatique, permettra aux résidents à mobilité réduite de se déplacer quand-même au sein de notre commune ou de se balader dans la nature.



1 – De CIPA REWA geet a Saache Seniore-Mobilitéit weider innovativ Weeër

2 – De Schäfferot an d'Jugendkommissioun haten an de Festsall invitéiert

3 – Déi nei volljäreg Bierger hu sech iwwert ee kleng Kaddo gefreet

4 – 20 Mataarbechter vum CIPA REWA hunn um Cours Deel geholl

5 – De Schäfferot huet et sech net huele gelooss, den Absolventen ze gratuléieren

18, endlech.



Och dëst Joer nees hunn d'Gemeng Suessem an d'Jugendkommissioun all déi jonk Bierger invitéiert, déi am Laf vum leschte Joer hir Volljäregkeet feieren duerten. Bei engem klengen Patt an a gudder Atmosphär kruten déi Neo-18järeg een USB-Stick mat hire biergerleche Rechter a Flichte souwéi eng Koppel Kinostickete geschenkt.

Cette année encore, le Collège échevinal et la commission des jeunes de la Commune de Sanem avaient invité tous les jeunes citoyens, qui ont fêté leur 18ième anniversaire au cours de l'année passée. Dans le cadre d'une réception conviviale, les invités ont reçu une clé USB – contenant leurs devoirs et droits civils – ainsi que deux billets de cinéma comme cadeau.

1. Hëllef

Diplom- iwwereechung vum Éischt Hëllef Cours

Am kommunale CIPA 'Résidence op der Waassertrap' gëtt professionnell Weiterbildung weiderhi grous geschriwwen. An deem Kader kruten de 17. September 2018 20 Mataarbechter hir Diplomer fir een erfollegräichen Ofschloss vun engem Éischt Hëllef Cours iwwerreicht.



Remise des diplômes du cours de premiers secours

Bel exemple de formation continue au sein du CIPA 'Résidence op der Waassertrap'. Le 17 septembre 2018, 20 employés ont reçu leurs diplômes après avoir participé avec succès à un cours de premiers secours.





Agenda

NOVEMBER, DEZEMBER
NOVEMBRE, DÉCEMBRE

Wëllt och Dir Äert Evenement
am Agenda hunn, da schéckt
eis eng Mail mat alle wichtege
Detailer un agenda@suessem.lu
oder drot Är Manifestatioun
direkt Online an:
www.suessem.lu/agenda
» Schéckt eis Äert Evenement

Leschten Délai fir de
kuerz&knapp.
Januar – Februar 2019
ass den 1. Dezember 2018

Pour insérer votre événement dans
notre agenda communal, veuillez
envoyer un mail indiquant tous les
détails à agenda@suessem.lu ou
inscrivez votre manifestation
directement en ligne sous
www.suessem.lu/agenda
» Envoyez-nous votre événement

Dernier délai pour l'édition
janvier – février 2019 du
kuerz&knapp.
samedi, le 1 décembre 2018

NOV.

FREIDEN • VENDREDI

2



VERSCHIDDENES | Social Meet & Greet

'After Halloween'

16H00–19H00

Grugel Cocktail a Snack

» **Eis Épicerie**

2, rue du Knapp L-4465 Soleuvre

Org.: EcoSol Sanem a.s.b.l

SAMSDEN • SAMEDI

3

MUSEK

Colorful or Colorless

20H00 | 03.11., 04.11.

La vie : le pur bonheur ou la pure déception?
Connaissez-vous la perception de nos jeunes
d'aujourd'hui? Leur communauté, leur amour,
leur compassion, leur sécurité, leur estime
de soi, leur joie de vie, leur beauté, leurs
choix, leurs compétences, leur créativité, leur
espoir... Venez nombreux voir leurs réalités.
Ce spectacle est un projet de la Maison des
Jeunes Soleuvre

» **Artikuss**

03.11.

THEATER

Eng fantastesch Vakanz

20H00 | 03.11., 04.11., 10.11., 11.11.

» **Festsall vun der Gemeng Bieles**

60, rue de la Poste L-4477 Belvaux

Org.: Theaterfrënn Bieles

fb/TheaterfrennBieles

TICKETEN (+352) 661 243 537, 09:00 – 13:00 Auer

SONNDEN • DIMANCHE

4



MUSEK

Colorful or Colorless

20H00 | 03.11., 04.11.

» **Artikuss**

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Jugendtreff SABA a.s.b.l.

TICKETEN www.saba.lu, (+352) 59 43 07

THEATER

Eng fantastesch Vakanz

18H00 | 03.11., 04.11., 10.11., 11.11.

» **Festsall vun der Gemeng Bieles**

DONNESCHDEN • JEUDI

8



CONCERT | 40 Jahre Swing, Rock, Pop

Big Band der Bundeswehr

20H00

Die Big Band der Bundeswehr, unter der Leitung von Bandleader Timor Oliver Chadik, zählt zu den ungewöhnlichsten Show- und Unterhaltungsorchestern, gewöhnliche Marsch- und Orchesterliteratur sind hier Fehlanzeige. Darüber hinaus gibt es kein zweites derartiges Orchester, dass mit einer so hochmodernen, multimedial aufbereiteten und damit einzigartigen Bühnenshow durch Deutschland und die Welt reist.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Big Band Opus 78

TICKETEN www.luxembourgticket.lu

08.11.

THEATER | Kabaret

Alles Féik ... oder wat?

mat de Makadammen, 20H00



» Kulturschapp Éilereng

15, rue Kulturschapp L-4380 Éhlerange

Org.: CSF Gemeng Suessem

TICKETEN carine.reuter@education.lu,

(+352) 621 180 382

Entrée: 15,-€

Studenten a Kanner bis 12 Joer: 10,-€

SAMSDEN • SAMEDI

10



VERANSTALTUNG

Journée culturelle de la Jeunesse

12H00–18H00

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: OGBL Sanem

THEATER

Eng fantastesch Vakanz

20H00 | 03.11., 04.11., 10.11., 11.11.

» Festsall vun der Gemeng Bieleles

10.11.

VERANSTALTUNG

Dance Night

21H00

Les meilleurs tubes des années 80, 90 et 2000 avec les DJ Aly et Ramon du Disco Team Jeans Generation

» Kulturschapp Éilereng

15, rue Kulturschapp L-4380 Éhlerange

Org.: Harmonie Éilereng

harmonie-eilereng.com

SONNDEN • DIMANCHE

11



VERSCHIDDENES

Kleedemaart mat Kanner-floumart

10H00–17H00

Hei kënt dir gutt erhale Kleeder an Accessoire kafen an dir fannt och e Koup Spillsachen

» Festikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gentleman's Club

THEATER

Eng fantastesch Vakanz

18H00 | 03.11., 04.11., 10.11., 11.11.

» Festsall vun der Gemeng Bieleles

SPORT | Fussball MATCH CHAMPIONNAT

04.11. 16h00

FC The Belval – Jeunesse Biver

11.11. 16h00

CS Sanem – FC Red Black

18.11. 16h00

CS Sanem – AS Luxembourg Porto

25.11. 16h00

FC The Belval – FC Cebra 01

NOV.

SONNEN - DIMANCHE

11



MUSEK

Tabaluga oder die Reise zur Vernunft

17H00

Das liebevoll arrangierte Musical-Abenteuer für die ganze Familie bringt die Geschichte des aufgeweckten Drachenkinds auf die Bühnen der Großregion. Abenteurer und Drachenfreunde aller Altersklassen erwartet eine fantasievolle und spannungsgeladene Musikgeschichte aus der Feder von Peter Maffay und Rolf Zuchowski.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gemeng Suessem

TICKETEN www.luxembourgticket.lu

VERANSTALTUNG

Thé dansant de l'automne

12H00–22H00

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: OGBL Sanem

DONNESCHDEN • JEUDI

15

VERANSTALTUNG

Kaffis-Kränzchen

15H00

» Eis Épicerie

2, rue du Knapp, L-4465 Soleuvre

Org.: EcoSol Sanem a.s.b.l

FREIDEN • VENDREDI

16



VERANSTALTUNG

Wanter Feeling

19H00–00H00 | 16.11., 17.11., 18.11.

Die Veranstaltung "Wanterfeeling" findet in atemberaubender Kulisse des Schlossparks Sanem statt. Den Besuchern werden Verkaufsstände, kulinarische Spezialitäten jedoch auch Animationen für Gross und Klein geboten.

» Suessemer Schloss

rue du château L-4992 Sanem

Org.: Gemeng Suessem

SAMSDEN • SAMEDI

17



MUSEK

Hämmelsmarsch

16H30 | 17.11., 18.11.

» Belval

Org.: Bieleser Musek

VERANSTALTUNG

Klapp den Engel

19H30

An dëser Show, déi ënnert dem Patronage vun der Zolwer Musek steet, gëtt de Buergermeeschter vun der Gemeng Suessem, de Georges Engel, vun engem/enger Kandidat/in herausgefuert.

» Artikuss

3, rue Jean Anen; L-4460 Soleuvre

Org.: Zolwer Musek

www.harmoniedesoleuvre.lu

17.11.

VERANSTALTUNG

Wanter Feeling

14H00–22H00 | 16.11., 17.11., 18.11.

» Suessemer Schlass

MUSEK

Cäcilie Concert

20H00

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.:

Chorale Ste Cécile, Harmonie Concorde Suessem



VERANSTALTUNG

Wanter Feeling

11H00–18H00 | 16.11., 17.11., 18.11.

» Suessemer Schlass

MUSEK

Hämmelsmarsch

09H00 | 17.11., 18.11.

» Belvaux

Org.: Bieleser Musek

18.11.



VERANSTALTUNG

Specknomëtten

11H30

MENÜ 1 Präis : 20,-€

Süd Tiroler Speck mat gebroden Gromperen an Zalot

MENÜ 2 Präis : 12,-€

2 Wirschtecher mat gebroden Gromperen an Zalot

MENÜ 3 Präis : 12,-€

1 Pompjeeszalot fir d'Vegetarier

Jiddereen den an der Truecht kënt, kritt 1 gratis Patt!

» Centre d'Incendie et de Secours

29, Scheierhaffstrooss L-4492 Soleuvre

Org.: Jugendpompjeeën Suessem-Déifferdeng

RESERVATIION rsauveur@pt.lu, (+352) 621 271 181

bis spéidstens 10. November umellen

Eng Feier – an et kënt keen?

Riskéiert dat net an annoncéiert Äert Evenement op dëser Plaz. Schéckt eis eng Mail un agenda@suessem.lu oder drot Är Manifestatioun direkt online ënnert www.suessem.lu/agenda an.

18.11.

VERANSTALTUNG

Kiermesfest

11H00

Mir freeën eis op Äre Besuch op enger aaler Traditioun an bei engem traditionelle Kiermesmenü. Ab 11.00 Auer ass Apéroszäit. Um 12.00 Auer d'lessen

KIERMESMENÜ

ENTRÉE Eng Héngerbritt vun eisen eegenen Hinger

PLAT Bouchée vun eisen eegenen Hinger mat sengem Bouchéeskichelchen, Räis an Zalot

SORTIE Kiermeskuch mat Ham Kannermenü: Bouchée & Fritten

VEGETARESCHE MENÜ

Geméis-Quiche & Zalot; Kiermeskuch

Erwuessenen 27,-€

Kanner 10,-€

Vegetaresche Menü 13,-€

» Bieles am Poarsal

Belval-Metzerlach

Org.: Société Avicole vu Bieles

RESERVATIION (+352) 691 58 68 53

Mellt Iech séier un, et si just 100 Plazen fräi.



NOV.

MÉTTWOCH • MERCREDI

21



THEATER

De Scholdschäin

20H00

D'Yannchen Hoffmann an de Carlo Hartmann presentéieren dat alleréischte Theaterstück a Lëtzebuerger Sprooch an eng vun den éischten Operette weltwäit, dat ons den Dicks – deen se selwer Komédistécker genannt huet – 1855 geschenkt huet.

Et ass net nëmme dat éischt, mä och dat witzegst vum Dicks seng Stécker. Wee kennt net „Gëf mer eng Bees, 0 du main am Kamain, Dee freie geet sief gudd gekleed ...“ – Sidd op all Iwwerraschung gefaasst!

Déi zwee Kënschtler ginn ënnerstëtzt vum Stéphanie Schlink (als Marréi) an dem Al Ginter (de Schuechtegfeeër Néckel). A wéi gewinnt bei Hartmann & Hoffmann, schéi Kostümer an een opulent Bühnebild.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gemeng Suessem

TICKETEN www.luxembourgticket.lu

SAMSDEN • SAMEDI

24

VERANSTALTUNG

Assemblée Générale a Krëschtfeier

14H30–18H00

» Kulturschapp Éilereng

15, rue Kulturschapp L-4380 Éhlerange

Org.: Éilerenger Feldmais

SONNEN • DIMANCHE

25



VERANSTALTUNG

Advents-Bazar

11H00–17H00

» Bieles am Poarsal

Belval-Metzerlach

Org.: Oeuvres Paroissiales Belval-Metzerlach

25.11.

VERANSTALTUNG

Chrëschtmaart um Scheierhaff

10H00–18H00

Dëst Joer ass erëm Chrëschtmaart um Scheierhaff organiséert vun de Bieleser Scouten an Albatrossen St Paul. Méi wéi 30 Maartstänn! Strépp vun den Zolwer Knapbleiser spillen dëst Joer och erëm.

Menü fir Mëttes an et gëtt och natierlech Gegrills.

Fritten Ham an Zalot 15,—€

Scampi Fritten Zalot 20,—€

» Festikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Bielser Scouten

RESERVATIION (+352) 661 807688, (+352) 59 50 02

bis spéidstens 20. November umellen

DËNSCHEN • MARDI

27



VERANSTALTUNG | Table Ronde

Gewaltopfer Gewalttäter

19H00

Ass Gewaltbereedschaft ofhängeg vu Geschlecht, Alter a sozialem Ëmfeld?

Moderator Gilbert Pregno

» A Gadder

10, rue de France L-4446 Belvaux

Org.: Gemeng Suessema a Kommissioun fir Chancéglichheet an Diversitéit



MUSEK

Lëtzebuurger Lidderuucht

20H00

Op der Bühn e Bistro, wou getéint, geschnësst an Aldeegleches erzielt gëtt. An engem flotte Kader a mat authentesch Klee-der aus dem 19. Joerhonnert, huelen d'Sänger vun der "Lidderuucht Lëtzebuerg" lech mat op eng lëschteng an nostalgesch Zäitrees.

D'Lidderuucht huet sech an de Kapp gesat Lëtzebuurger Lidder erëm ënnert d'Leit ze bréngen, fir dass al Lidder net solle ver-geiss ginn an och déi nei an nach net esou bekannte Lëtzebuurger Lidder erëm solle gesonge ginn. De Membere vum Grupp geet et dorëm, duerch Gesank a „Gepoters“ och Traditionen a Gebräicher aus laang ver-gaangener Zäit de Generatiounen vum haut ze vermëttelen. Bei hiren Optrëtter ass fir jiddereen eppes derbäi: al Vollekslider, Lidder vum Dicks, Dréck- a Stëmmungslider, awer och ganz nei Saachen.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gemeng Suessem

TICKETEN Owskeess 8,-€

TICKET + ASSIETTE: iwwerweist w.e.g. bis spëtstens den 22. November 20,-€ mat der Kommunikatioun "Lidderuucht" op de Konto vun der Gemeng Suessem: LU58 0019 5201 0032 9000 BCEE
Umeldung obligatoresch. D'Assiette gëtt um 19h15 zerwéiert.



VERANSTALTUNG

Niklos-ëmzuch

15H00

» Éilereng

Org.: Interesseveräin Éilereng

MUSEK

Cäcilie Concert

19H00

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Entente Soleuvre



VERANSTALTUNG

Mass fir Cäciliendaag

11H00

» Kierch Metzerlach

Belval-Metzerlach

Org.: Paroisse MZL, Cercle Vocal Bel Val-Metzerlach

02.12.

VERANSTALTUNG

Hobby- & Chrëschtmaart

10H00–18H00

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: Chorale Ste Cécile, Sanem



VERANSTALTUNG

Mérite Culturel

19H30

Offiziell Iwwerreechung vum 'Mérite Culturel', dem 'Prix d'Encouragement Culturel' an dem 'Prix du Bénévolat' vun der Gemeng Suessem.

» Artikuss

Org.: Gemeng Suessem a Kulturkommissioun



MUSEK | Concert & Gala

Concert classique

20H00

- Patricia Frères (Soprano)
- Max Asselborn (Trompette)

» Église Belval Metzerlach

Org.: Harmonie Éilereng

harmonie-eilereng.com

SONNEN • DIMANCHE

9



MUSEK | Musikshow

Brassballett

20H00

Notenständer und Langeweile sind vergessen! Brassballett ist nicht nur ein Bandname, sondern ein neues Genre - eine Revolution der Blasmusik! Der Erfolg resultiert aus dieser unvergleichlichen Idee eine Inszenierung zu schaffen, bei der sich niemand mehr entscheiden muss: Musiker oder Tänzer, Hören oder Sehen, Theater oder Konzertsaal. Auf der Grundlage von bekannten Stücken aus dem Jazz-, Funk-Pop-, Latin- und Klassikbereich entsteht ein innovatives und unvergleichliches Showprogramm.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gemeng Suessem a Kulturkommissioun

TICKETEN www.luxembourgticket.lu

SAMSDEN • SAMEDI

15

MUSEK

Chrëscht Concert

19H30

» Église de Sanem

Sanem

Org.: Chorale Ste Cécile Sanem

SONNEN • DIMANCHE

16

MUSEK

Golden Voices of Gospel

20H00

Die teils melancholischen, teils mitreißend temperamentvollen Gospels unterstützt durch die fantastische Rhythmusgruppe „gehen unter die Haut“ wie wohl kaum eine andere Musik. Und doch sind es Kirchenlieder wie sie in den Gottesdiensten der „Black Churches“ in den USA und der Karibik gesungen werden. Die Golden Voices of Gospel laden auf ihre ganz persönliche und unnachahmliche Art zu einer Reise ein, die durch ein Jahrhundert der Spirituals, Traditionals und Gospels führt. Sowohl moderne Gospelstücke als auch Lieder wie „Oh When The Saints“, „Glory Glory Halleluja“, „Swing Low Sweet Chariot“, „Motherless Child“, „Joshua fit the Battle of Jericho“, „O Happy Day“ laden das Publikum zum Zuhören und Mitmachen ein.

» Artikuss

3, rue Jean Anen L-4460 Soleuvre

Org.: Gemeng Suessem a Kulturkommissioun

TICKETEN www.luxembourgticket.lu

16.12.

MUSEK

Chrëscht Concert

17H30

» Église St Nicolas Zolwer

Org.: Zolwer Musek

www.harmoniedesoleuvre.lu

MÉTTWOCH • MERCREDI

19



VERANSTALTUNG

Chrëschtmoart

16H15

» Hall Polyvalent Suessem

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: Schoul Suessem, Hot Daddy's Suessem

MÉINDEN • LUNDI

24

VERANSTALTUNG

Chrëscht-metten

18H00

» Kierch Metzerlach

Belval-Metzerlach

Org.: Paroisse MZL, Cercle Vocal Bel Val-Metzerlach

WASSILIY GORON'S | WWW.BRASSBALLETT.DE

Brassballett

MUSIKSHOW



TICKETS www.luxembourgticket.lu
& Gemeng Suessem +352 593075 - 1



Sonnden 9.
20:00 **DEZ**/18



Golden Voices of Gospel (USA)

The Power of Love and Happiness



TICKETS www.luxembourgticket.lu
& Gemeng Suessem +352 593075 - 1



Sonnden 16.
20:00 **DEZ**/18





THEATER

À vendre Wunneng mat Läich

20H00 | 25.12., 26.12

Krëschttheater

Regie: Pascal Cordier

» **Hall Polyvalent Suessem**

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: Harmonie Concorde Suessem

TICKETEN 12,-€, Kanner (<12|oer) 8,-€

RESERVATIOUN (+352) 621 431 081



THEATER

À vendre Wunneng mat Läich

20H00 | 25.12., 26.12.

Krëschttheater

Regie: Pascal Cordier

» **Hall Polyvalent Suessem**

Rue de Niederkorn L-4990 Sanem

Org.: Harmonie Concorde Suessem

RESERVATIOUN (+352) 621 431 081

*Winter
Feeling*
16-18
Novembre
CHATEAU DE SANEM

décorations &
fleurs hivernales
lampions de Wiltz

artistes, voyante,
cracheurs de feu
et autres attractions

concerts



Informatiounsblat


GEMENGEROTSSÄTZUNGEN

SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL

» P.31 **13.07.18** » P.39 **20.07.18** » P.48 **14.09.18**

Erlieft d'Sëtzunge vum Gemengerot
am Re-Live. Just e puer Stonnen nom
Enn vun der jeeweileger Sëtzung fannt
Dir ënnert
suessem.lu/seance-category/2018
dëi detailléiert Audio-Versioun
vum Gemengerot.

Suivez les séances du conseil communal
en Re-Live. Retrouvez les fichiers audio
des séances sous:
suessem.lu/seance-category/2018 et
ceci seulement quelques heures après la
fin du conseil communal respectif.



Procès-verbal des votes du Conseil communal de Sanem de la séance publique

Vendredi, 13 juillet 2018

date de l'annonce publique **6 juillet 2018**
date de la convocation des conseillers **6 juillet 2018**
début : **08h15** fin : **11h40**

PRÉSENTS : M. Engel Georges, président,
M. Anen Gaston, Mme Asselborn-Bintz Simone,
M. Bronzetti Denis, Mme Cecchetti Myriam, M. Cornély
Alain, Mme Faber-Huberty Chantal, M. Gierenz Steve,
M. Goelhausen Marco, M. Haas Marc, M. Lorang Mike,
Mme Morgenthaler Nathalie, M. Piscitelli José, Mme
Reuter-Bauler Carine, Mme Romeo Franca, Mme Speck-
Braun Patricia, Mme Tornambé-Duchamp Nadine,
Mme Greven Manon, *secrétaire communal*

ABSENT(S) EXCUSÉ(S) : /

PREMIER VOTANT :
Mme Tornambé-Duchamp Nadine

Monsieur Jos Piscitelli n'a pas pris part au vote du point 16.
Mme Cecchetti Myriam n'a pas pris part au vote du point 29.
M. Bronzetti Denis n'a pas pris part au vote des points 29 à 31.

Le collège des bourgmestre et échevins demande le
conseil communal de bien vouloir ajouter les points sui-
vants à l'ordre du jour:

15. Peinture murale de la façade d'EIS EPICERIE à So-
leuvre. Devis estimatif détaillé: 6.500 € (article budgétaire
4/260/221311/18083)

» **Vote unanime**

37. b) Convention de partenariat concernant le schéma
de développement de l'agglomération transfrontalière
d'Alzette Belval

» **Vote unanime**

ORDRE DU JOUR

1. Correspondance et Informations

— PROJETS

2. Aménagement de 2 terrains de tennis au Scheierhaff à
Soleuvre. Devis estimatif détaillé :
595.000 € (article budgétaire 4/821/221200/17005)

» **Vote unanime**

3. Renouvellement de la canalisation rue Albert Einstein
à Belvaux. Devis estimatif détaillé : 395.000 € (article
budgétaire : 4/520/222100/18044)

» **Vote unanime**

4. Aménagement de deux aubettes dans la commune de
Sanem. Devis estimatif détaillé : 56.000 € et crédit 8.000
€ (article budgétaire : 4/441/221323/99001)

» **Vote unanime**

